PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Dépôt: GOERGEN Marc

Financement des grands projets d'infrastructure
réalisés par l'État

Débat d'orientation n° 8099

Lëtzebuerg, den 08/12/2022

2

# Motioun

**D'Chamber vun den Deputéierten stellt fest:**

- Den Trafic op der Péitenger Collectrice (Avenue de l'Europe; N31) hëlt zënter Joren zou a belaascht d'Liewensqualitéit vu ville Mënschen an de Kordallgemengen am Süde vum Land;
- De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten huet a senger Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°3847 erkläert, dass d'Ënnertunnelung vum Streckenofschnëtt beim Lycée Mathias Adam eng Piste ass, déi schonn 2014 an engem Dossier de Synthèse ausgeschafft gouf;
- A senger Äntwert op d'Fro n°7082 huet de Minister geschriwwen, dass eng Ennerféierung vu besotenem Streckenofschnëtt de Verkéier duerch d'Avenue de l'Europe zu gewëssen Auerzäiten definitiv méi fléissend géif maachen, ënnert der Bedingung, dass d'Rond-Pointen hannendrun (Richtung Grenz) vergréissert ginn.

**Aus dëse Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung:**

1. d'Entscheedung ze fällen, fir een Tunnel ënnert dem Rond-point beim LMA ze bauen a weider baulech Moossnamen op der N31 souwéi verkéierstechnesch Moossnamen op der N5 ze huelen, fir d'Traficsituation ze verbesseren.

Marc Goergen